N°1211
Entrée le 22.10.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1211 vun der honorabeler Deputéiert Djuna Bernard**

Ech verweise fir een Deel vun de Froe vun der honorabeler Deputéiert op meng rezent Äntwerten op d'parlamentaresch Fro Nr. 971. Fir d'Schouljoer 2024/2025 stinn 8.500 nei *iPads* zur Verfügung, déi aktuell an déi eenzel Lycéeë verdeelt ginn. Opgrond vu Liwwerengpäss bei verschiddenen Accessoirë fir d'*iPads* (Tastatur a *Pencil*) wäert dës Distributiounsphas bis Mëtt November goen. An enger Reunioun den 10. Oktober 2024 kruten d'Direktioune vun de jeeweilege Lycéeën Informatiounen iwwer d'Disponibilitéit vun den *iPads* a si kruten och nach eemol verséchert, datt all Schoul déi néideg Geräter kréie wäert. Fir d'nächst Rentrée wäert et zu enger Adaptatioun vum *one2one*-Programm kommen. Aus didakteschen a pedagogesche Grënn wäert et haaptsächlech op den ënneschte Klassen am Secondaire zu Ännerunge kommen. Dëst Konzept gëtt aktuell ausgeschafft a wäert mat de Lycéeën diskutéiert ginn.

Et goufe rezent keng Ännerungen um Kontrakt am *one2one*-Programm gemaach. Am Fall vu Schied, Verloscht oder Déifställ vun *iPads* muss de Besëtzer vum *iPad* fir d'Valeur résiduelle vum Gerät opkommen. D'Valeur résiduelle ass an der Annex vum Kontrakt festgeluecht a geet vu 450 Euro am éischte Joer vum Gebrauch vum Gerät bis zu 70 Euro am fënnefte Joer. Ob Versécherunge vun den Eltere fir sou Fäll opkommen, hänkt vun dëse jeeweilege Kontrakter of a kann ech net beäntwerten.

Falls Schüler Problemer hunn, fir d'Käschte fir de *one2one*-Programm ze bezuelen, kann ee beim SePAS/CePAS iwwer verschidde Programmer finanziell Ënnerstëtzung kréien.

Lëtzebuerg, den 22. Oktober 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH